6 Länder Freundschaftstreffen
6 Nations Friendship Tournament
AUSTRIA 2019

06.07.19

Ofschlossrapport Tournoi de l'Amitié Hainburg un der Donau

Elo ass dësen Tournoi gefëscht.

Virewech gesot, mir si schon en bësschen enttäuscht, well mir haten eis fest virgeholl vun dësem Fëschen net als 6. heem ze fueren.

Wann een d'Resultat kuckt ouni ze wësse wéi komplizéiert d'Fëscherei hei war, a wéi eng grouss Roll d'Platz déi een zougeloust krut gespillt huet, da kënnt ee soen, dass de Lëtzebuerger Vertrieder keng Chance gehat hätt des 6. Platz ze vermeiden.

Ee Beispill dat ënnersträicht dass des Streck alles anescht eréi reegelméisseg ass, fënnt ee wann een déi eenzel Klassementer vun de 5 Sektoren iwwer déi zwee Deeg kuckt.

Huet den Hollänner dee bei mir jeeweils am Sektor war den 1. Dag eng kloer 1. gemaach, sou war en den 2. Dag de leschte mat net mol engem Kilo.

Den Däitschen deen de Match am Eenzel gewonnen huet souz iwwer déi zwee Deeg just 1 Stand vun ënnen ewech. Um Dag 1 war just säi lenken Noper op Stand 1 besser, a säi rietsen Noper op 3 huet 3 Barwe verluer. Um Dag 2 huet hien op Stand 1 gefëscht wei an enger anerer Welt, esou wei den Hollänner den 1. Dag, an op Stand 3 huet den Éisträicher 2 Barwe gefaang, dovun eng vun iwwer 3 Kilo.

Derbäi kennt dass vill grouss Fësch gekroopt gi sinn. Di eng hunn se eraus kritt an déi anerer net.

Jee, mir hunn wärend dëser Woch vill derbäi geléiert, vill Sonn getankt a munch neie Fëscher kennegeléiert. An dat ass jo dat wat esou ee Match am Ausland ausmëscht.

M.B